

E kléngt Gespréich an der Natur mat der Buergermeeschtesch vu Wal an dem Buergermeeschter vu Groussbus



Gutt Noriicht, Schlecht Zäiten....

....war ee vun den Titele vum verstuerwene Kabarettist Jay Schiltz senge Béierdéckelsgespréicher.

„Ëmdenken, esou laang et nach geet, och wann dat fir vill net einfach ass“, seet de Kabarettist,awer dat Schrëtt fir Schrëtt !!

D’Buergermeeschtere vu Wal a Groussbus sinn och am gaangen ëmzedenken, mee et ass och fir si eng schwéier Zäit. Dofir plangen si un enger Fusioun nom Motto „Zesumme méi staark“.

Dat sinn hir gutt Noriichten an dëser schlechter Zäit.

Firwat eng Fusioun? Déi Fro kréien si dacks dorëmmer gestallt.

Mir wollten déi Fusiounsgespréicher nom Motto: „Zesumme méi staark“ ugoen. Wat heescht dat?

D’Gemengen hunn eng ganz Rëtsch Aufgaben ze erfëllen, déi si vu Regierungssäit gestallt kréien: Mir denken do un d’Schoulen, Maisons Relais, Waasserversuergung, Ofwaasser- an Offallkonzept, bezuelbare Wunnraum schafen, Erhale vum Patrimoine culturel asw, fir elo nëmmen déi ze nennen.

Dernieft wëllt eng Gemeng de Bierger awer och nach eng gutt Liewensqualitéit bidden, eppes fir dat soziaalt a gesellschaftlecht Liewe maachen, fir d’Kultur, Sport an den Tourismus suergen.

Fir all déi Moosnamen do kënnen ze erfëlle kritt eng kleng Gemeng et ëmmer méi schwéier, well et administrativ, logisteschesch a finanziell net méi méiglech ass den Erausforderunge fir eng modern Gemeng kënnen Stand ze halen.

Duerch Zesummeleeë vu Synergien a vun de verschiddene Servicer kann ee vill méi effikass schaffen, a vill Demarchë brauch een nëmmen eemol ze maachen. Just **zesummen** bréngt een et fäerdeg fir z.B. bezuelbare Wunnraum ze schafen, sou wéi de neie Pacte Logement 2.0 dat virgesäit, an esou déi néideg finanziell Ënnerstëtzung vu staatleche Gelder ze kréien. **Zesummen** bréngt een et eventuell fäerdeg fir de Veräiner déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, déi si brauche fir hirer Aktivitéit nozegoen. **Zesummen** kann een de Bierger eng Liewensqualitéit garantéieren, déi vläicht no un déi vu groussen a räiche Gemengen erukënnt, mir denken do un den ëffentlechen Transport, Verkéierskonzept, Uschloss u Vëlospisten asw.

Et ass verständlech, datt vläicht eng Rëtsch Matbiergerinnen a Matbierger sech skeptesch weisen virun där Fusioun. Mee et ännert fir den Einzelen awer Näscht Weltbewegendes:

Mir bleiwen och no der Fusioun nach eng kleng Gemeng déi hire ländleche Charakter behält, mir behalen eis Identitéit, mir bleiwe familiär a frëndschaftlech an dat soziaalt a kulturellt Liewe bleift eis erhalen.

Op all déi Froen, kënnen mir Iech gärén, zesumme mat eise Schaffen- a Gemengeréit a mam Gemengepersonal, Äntwerte gin an de Versammlungen déi an de nächste Méint wäerte stattfannen.

An de Numm vun der neier Gemeng?

Eng Fro, déi mir scho mat den aktuelle Gemengeréit vun den zwou Gemeng geléist hunn: **„Gemeng Groussbus-Wal“**

A wien gëtt Buergermeeschter an där „grousser“ Gemeng??

Dorëms geet et eis guer net, et geet eis drëm déi zwou Gemenge gutt a modern fir d'Zukunft opzestellen, a Buergermeeschter gëtt ee vun deenen déi sech trauen sech opzesetzen an dee gewielt gëtt.



(* An de nächste Nummern vun de lokale Gemengenzeitungen, kënt dir aner Stellungnahmen vun de Gemengepolitiker vun deenen zwou Gemenge liesen